

## „Wir haben es satt“ – Bauereprotest mol anescht

“Wir haben es satt” – dat ass den Numm vun enger [Demo zu Berlin](#), déi all Joers zum Optakt vun der „Grüne Woche“ stattfënnt, enger grousser Agrarexpo zu Berlin. Organiséiert gëtt dës Demo vum Wir haben es satt-Bündnis, dat aus iwwer 60 däitschen Déiereschutzverbänn, Ëmwelt- a Naturschutzorganisatiounen, sozialen Organisatiounen a Bauervertriedunge besteet.

Dëst Joer war d'Demo **Samschdes, den 20. Januar** an natierlech war och move., déi Jonk am Mouvement Ecologique, nees motivéiert, fir zesumme mat dausenden aneren Aktivist:innen op d'Strooss ze goen. Dofir ass eise Grupp freides mat faarwege Plakater an e puer waarme Kleeder am Gepäck mam Zuch op Berlin gereest. Dëst Joer stoung d'Demonstratioun ënnert dem Motto **“Gutes Essen braucht Zukunft – für eine gentechnikfreie, bäuerliche und umweltverträgliche Landwirtschaft!”**, an och bei dësen héichwannerlechen Temperaturen hu ronn 8.000 Leit de Wee an d'Haaptstad fonnt. Dorënner vill verschidden Organisatiounen, déi sech fir eng gentechnikfräi an nohalteger Landwirtschaft staark maachen. Bei eppes ware mir eis all eens: Et ass héich Zäit fir eng sozial gerecht Agrarwende. Dëst hunn och divers Riedner:innen, wéi zum Beispill dat wuel bekanntste Gesiicht vun der däitscher *Fridays for Future* Beweegung Luisa Neubauer, a beandroekende Rieden zum Ausdrock bruecht a sou fir déi richteg Stëmmung gesuert.

Ma net nëmmen an Däitschland ass d'Transitioun hin zu enger nohalteger Landwirtschaft vill ze lues an onambitionéiert. Och hei zu Lëtzebuerg ass nach vill Loft no uewen. Mir wënschen eis, datt och d'Stëmm vun eis Jonken, déi an de leschte Joren ëmmer nees fir eng liewenswäert Zukunft op d'Strooss gaange sinn, gehéiert gëtt.

### Wat erwaart sech move. vun der Politik?

- **Zu Lëtzebuerg eng zukunftsfaeg ekologesch Landwirtschaft fërderen:** D'Lëtzebuerger Landwirtschaft gëtt mat Honnerte Milliounen Euro ënnerstëtzt, trotzdeem stierwen all Joer Betriber weider aus an den Impakt vun der Produktioun op eis Ëmwelt ass leider am Moment nach oft problematesch. Mir wënschen eis, datt dës Suen nach vill méi geziilt investéiert ginn an eng familjebaséiert Landwirtschaft, déi souwuel dem Bauer ze gutt kennt wéi och der Natur an der Produktioun vu gesonde Liewensmëttelen. Dat heescht och, datt den Asaz vu Pestizide massiv reduzéiert soll ginn. Déi solidaresch Landwirtschaft, bei där mir Verbraucher:innen eng aktiv Roll an der regionaler Liewensmëttelproduktioun spillen, kann ee wichtege Deel vun esou enger gesellschaftlecher Transitioun bäidroen a sollt dofir méi ënnerstëtzt ginn.
- **Biolandbau vill méi konkret ënnerstëtzen:** Lëtzebuerg ass wäit dovun ewech, seng Ziler am Beräich Biolandbau ze erreechen. D'Fërderung vum Biolandbau muss onbedéngt zu enger Prioritéit vun dëser Regierung ginn. Mir wënschen eis, datt déi Bio-Liewensmëttel, déi zu Lëtzebuerg verbraucht ginn, och vu Lëtzebuerger Bio-Betriber produzéiert (kënne) ginn.
- **Eng staark Stëmm op europäeschem Niveau:** dëst Joer sinn Europawalen. Een Drëttel vum EU-Budget fléisst an d'Agrarsubventiounen, an domat huet d'EU ee wichtege Afloss op d'landwirtschaftlech Transitioun. Dës Sue sollen endlech esou agesat ginn, datt et sech fir d'Betriber lount fir Ëmwelt-, Klima- an Déiereschutz ze maachen, amplaz datt grouss industriell Agrarbetriber

dovu profitéieren. Och Lëtzebuerg muss sech bei de Verhandlung vum der Gemeinsamer Europäescher Agrarpolitik (GAP) dofir staark maachen.

- **Méi bio a lokal an de Kantinnen:** Restopolis geet mat guddem Beispill vir, an huet de System fir d'Schoukantinnen esou reforméiert, datt lokal Bauerebetriber méi einfach an direkt u Restopolis vermaarte kënnen. D'Regierung huet d'Méiglechkeet, dee System och op aner staatlech Kantinnen auszeweiden. Oder wéi gesäit et zum Beispill bei de Kliniken an Altersheimer hei zu Lëtzebuerg aus? Et ginn nach eng ganz Rei Méiglechkeeten, fir de Lëtzebuurger Liewensmëttelproduzent:innen ee bessert Sécherheetsnetz an der Transitioun ze garantéieren.
- **Brokkoli ass sexy!** Zu Lëtzebuerg consomméiere mir méi ewéi dat duebelt vum der Quantitéit Fleesch, déi pro Dag recommandéiert gëtt. Dobäi ginn et esou vill gutt an ofwiesslungsräich vegetaresch Alternativen. Dat weist sech och um Succès vum "Veggie Monday", dee méttlerweil an dräi Schoulen zu Lëtzebuerg agefouert gouf, wéll d'Majoritéit vum de Schüler:innen aus deene Lycéeën sech dat gewünscht huet. Dofir setze mir eis dofir an, datt de Veggie Monday nach a ville weidere Schoulen ëmgesat gëtt.
- **Liewensmëttelverschwendung stoppen:** 28% vum allen Notzfläche ginn duerch Liewensmëttelverschwendung onnëtz bewirtschaft, 3,3 Gigatonnen Zäregase ginn all Joer vu verschwente Liewensmëttel fräigesat. D'Regierung huet sech als Zil gesat fir d'Liewensmëttelverschwendung bis 2030 ëm d'Hallschent ze reduzéieren. Initiative wéi den Onperfekt-Buttek mussen ënnerstëtzt a gefërdert ginn, fir dëst Zil och anhalen ze kënnen.